Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**
St Laurent / Tony Noesen **Dikrich**

36, am Floss L-9232 1 | diekirch.lgs.lu | umeldung@diekirch.lgs.lu

Dikrich, den 20. Juni 2017

Al Dikrich 2017

Léif Elteren a Frënn vun den Dikricher Guiden a Scouten,
Léif Biber, Wëllefcher, AvEx, CaraPio, RaRo an Albatrossen,
Léif Cheftainen, Chef a Verwaltungsrotmember,

Vum **14. bis de 18. Juli** ass wi all Jar d'Fest vun Al Dikrich ronderem di Al Kiirch. Mir, Dikricher Guiden a Scouten, bedreiwen do och nees eis Baurekichen, wu mer grillen zapen a Gromperekichelcher baken.

Fir di fënnef Deeg a Nuechten gutt iwwert d'Bühn ze bringen, brauche mer vill engagiërt Freiwëlliger. Mir zielen op äer Mathëllef fir datt mer d'Aktivitéite vun den Dikricher Guiden a Scouten weider finanziell ënnerstëtze kënnen. Ënnert anerem leeë mir all eise Memberen een Deel beim Camp bei.

Well mir dëst Jar mat alle Branchen op de GoUrban (groussen internationale Camp um Kierchbierg) ginn, an dee schonn den 18. Juli ufänkt brauche mir dëst Jar vill mi Freiwëlliger déi eis an eiser Baurekichen während dem Fest a no Al Dikirch beim Raumen a Botzen kënnen hëllefen.

Bei dëser Geleeënheet fannen sich bestëmmt vill Elteren, Frënn a Bekannten an enger flotter Ambiance erëm!

Ariichten & Raumen a Botzen (Di-A; Mi-A; Do-A; Mi-R; Do-R)
Virum Fest raume mir eis Kichen an. Nom Fest muss natierlech rëm alles agepaakt, gebotzt a weg geraumt ginn.

Cortège (Fr-C)
Mir treffen eis um 18h45 an Uniform bei eiser Bud fir um Cortège duerch Dikrich mat ze goen.

Sonndesmëttes (So-E)
Dëst Jar bake mir och rëm Sonndes Mëttes Eisekuche. Gegrillt gëtt natierlech och.

Botzen (Sa-B; So-B; Mo-B; Di-B)
Moies respektiv Nomëttes brauche mir och eng Botzekipp (min. 6 Lett) fir déi dreckich Deeler mam Hochdruckreiniger ofzemaachen an d'Bud fir Owes nees fit ze maachen. Mir freeën eis och iwwer déi Lett di eis nom Botzen d'Material mam Unhänger kënnen op d'Platz féieren. (Opgepasst: dir braucht eng Attache-Remorque um Auto!)

Baurekichen (Fr-1 – Di-1 an Fr-2 – Di-2)
Hei gëtt gegrillt, gezaapt a gebaak. Mir schaffen wi ëmmer an 2 Schichten. Et kann ee wielen wini a wu ee wëll matmaachen. Mir brauche jeweils 15 Lett pro Schicht. Mir doë KENG Uniform an eiser Baurekichen un. Mir wieren frou wann Kanner (Biber a Wellef) just bei der éischter Schicht géifen hëllefen. Mir brauchen awer och all Nuecht 6 M/F di de Schluss wëlle maachen.

Rendez-vous ass all Kiër virun der Aler Kiirch ëm di Zeit di um Programm uginn ass.

Fir datt dëst och alles soll klappen, muss jiddfereen deen hëllefe wëll, sich bis Freddes den **7. Juli umellen**:

- Iwwert eisen Internetsite: **http://adk.diekirch.lgs.lu/**
- Oder per E-Mail: **umeldung@diekirch.lgs.lu**

Gitt bei der Umellung w.e.gl. de Numm vun de Leit déi hëllefen, sou wéi och déi jeweileg Schichten, un (→Récksäit).

Merci am viraus a bis dann,

di ganz Chefekipp

	Dënsdig	Mëttwoch	Donnesdig	Freddig	Samsdig	Sonndig	Meendig	Dënsdig	Mëttwoch	Donnesdig
	11. Juli	**12. Juli**	**13. Juli**	**14. Juli**	**15. Juli**	**16. Juli**	**17. Juli**	**18. Juli**	**19. Juli**	**20. Juli**
Araumen an Ofraumen	Di-A	Mi-A	Do-A		Sa-B	So-B	Mo-B	Di-B	Mi-R	Do-R
Cortège *(Fr)* **Eisekuch** *(So)*				Fr-C		So-E				
Baurekichen *(Schicht 1)*				Fr-1	Sa-1	So-1	Mo-1	Di-1		
Baurekichen *(Schicht 2)*				Fr-2	Sa-2	So-2	Mo-2	Di-2		

Wéini?			Responsabel?	Fir ween?	Wat?
Dënsdig, den 11. Juli	**Di-A**	14h00 - 19h00	Flory/ Thillen Jang	**Alleguer** *(ab CaraPio)*	Opriichten
Mëttwoch, den 12. Juli	**Mi-A**	14h00-19h00			
Donnesdig, den 13. Juli	**Do-A**	ab 09h00			
Freddig, de 14. Juli	**Fr-C**	18h15	Lorang Claude	**Alleguer**	Cortège
	Fr-1	18h00 – 22h00	Thillen Jang	**AvEx** *(Kanner, Chef, Elteren)*	Baurekichen
	Fr-2	22h00 – 03h00	Thillen Jang		
Samsdig, de 15. Juli	**Sa-B**	09h00 – 14h00	Muller Steve	**Wëllefcher** *(Chef)*	Botzen
	Sa-1	18h00 – 22h00	Weydert Pol	**CaraPio** *(Kanner, Chef, Elteren)*	Baurekichen
	Sa-2	22h00 – 03h00	Flory		
Sonndig, de 16. Juli	**So-B**	09h00 – 11h00	Sinner Louis	**AvEx** *(Chef, Kanner)*	Botzen
	So-E	12h30 - 17h30	Kelders Lynn	**Biber, Wëllefcher** *(Kanner, Chef, Elteren)*	Eisekuchen
	So-1	17h30 – 22h00	Muller Charel		Baurekichen
	So-2	22h00 – 01h00	Muller Charel		
Meendig, de 17. Juli	**Mo-B**	09h00 – 14h00	Kaiser Julie	**CaraPio** *(Chef, Kanner)*	Botzen
	Mo-1	17h00 – 22h00	Martinez Ben	**RaRo**	Baurekichen
	Mo-2	22h00 – 01h00	Oly Charel		
Dënsdig, den 18. Juli	**Di-B**	09h00 – 14h00		**Albatross RaRo**	Botzen
	Di-1	16h00 – 22h00	Pott Laurent	**Verwaltungsrot, Fréier DGS, Albatross**	Baurekichen
	Di-2	22h00 – 03h00	Pott Laurent		
Mëttwochs, den 19. Juli	**Mi-O**	ab 14h00	Thillen Jang	**Alleguer**	Ofriichten & Botzen
Donnesdig, den 20. Juli	**Do-O**	ab 13h30	Flory	**Alleguer**	

Rendez-vous ass all Kiër virun der Aler Kiirch.